n° 3313

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 16/12/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Lëtzebuerg huet och kuerz virun der Chrëschtvakanz ëmmer nach mat der Covid-19-Pandemie ze kämpfen an no de Feierdeeg drohen d'Infektiounszuelen nach emol unzesteigen, well net ofzegesinn ass, wéi vill Kontakt d'Leit mat hire Famillen a Frënn iwwert d'Chrëschtdeeg a Silvester wäerten hunn.
Fir ze verhënneren, dass Persounen, déi sech iwwert d'Feierdeeg ugestach hunn, de Virus no der Vakanz onkontrolléiert weider ginn, kéint een envisagéieren, d'Vakanz ëm eng Woch ze verlängeren, an där d'Leit gebiede ginn, esou vill wéi méiglech doheem ze bleiwen an esou gutt et geet kee Kontakt méi mat anere Menagen ze hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Envisagéiert d'Regierung, d'Chrëschtvakanz ze verlängeren?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 3313 vum honorabelen Här Deputéierte Marc Goergen**

D'Chrëschtvakanz ass net verlängert ginn; allerdéngs sinn d'Schoulklassen, souwuel am Enseignement fondamental wéi am Enseignement secondaire wärend der Woch vum 4. Januar vum Presenzunterrecht an den Distanzunterrecht gewiesselt, dëst am Kader vun de Moossnamen, déi d'Regierung decidéiert huet fir d'Ausbreedung vum Coronvirus ze limitéieren.